# Yossiya: dat 3. Würfelspill - Versioun Corona



**Alter:** ab 3
**Spiller:** 2
**Dauer:** 5 Minutten
**Zil vom Spill:** am meeste Stange sammelen
**Iddi:** Blanche Kails 24.04.2020
**Prinzip:** Würfelspill

**Material:** 1 Spezialwürfel 2 x gréin  2 x rukt  1 x giäll  1x wäiss 
[oder 1 normale Würfel (1 - 6) an
1 Würfelbild-Läist an
1 neutralen Dapp]
1 Bild matt 1 Villchen
13 „Käfigstangen" Schaschlik-Spiessen oder ....

Dat Spill ass eng staark vereinfacht Versioun vom 3. Yossiya-Würfelspill. Well zu Corona-Zäiten d'Kanner net a Gruppe bäienee sënn.
[De Spezialwürfel kann ersatt ginn duerch een normale Würfel matt enger Spezial-Würfelbilder-Läist cf: Material-Fiche]

**Zil:** Et geet drëm, fir sou vill wéi miglich Stangen ze sammelen.

**Virbereedung:** Dat Bild mam Villche gët matt 13 Stangen zougedeckt. De Würfel [oder Ersatz...] läit prett. D'Spiller sëtzen sou, datt gidferee gutt aan d'Stangen draa kënnt.

**Spillverlof:** Der Rei no würfelen. De Spezialwürfel weist déi Faarf, déi gëllt. [Bäi engem normale Würfel gët nom Würfelen deen neutralen Dapp op d'Würfelbild-Läist op di entsprechend Zal gesatt. Da weess de Spiller, wéi eng Faarf fir hee gëllt an där Ronn.]


**GRÉIN** = **fräi** sënn = de Spiller hëllt eng Käfigstang.


**RUKT** = **agespaart** sënn = de Spiller hëllt keng Stang, hee passt.


**GIÄLL** = De Spiller hëllt 2 Stangen: eng fir sech an eng fir deen annere Spiller. (Wichtig: fir d'ischt fir sech, well wann nëmme mi eng do ass, am Schluss, da krëtt deen annere keng.)


**WÄISS** = nach eng Kéier würfelen!

**Spillschluss =** wa keng Stange mi op dem Villche leien.

**Gewënner** = deen, deen am meeste Stangen hatt.